Ombudsman

okaju

fir Kanner a Jugendlecher

# Déi selwecht Rechter fir all Kand a Jugendlechen!

**okaju.lu**

3

WUEL VUM KAND



## Mir si fir dech do!

Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher

Défenseur des droits de l'enfant


65, route d'Arlon - L-1140 Luxembourg

contact@okaju.lu 28 37 36 35

www.okaju.lu - www.kannerrechter.lu

Okaju



28 37 36 35

Wéini a wéi mir hëllefen

# nolauschteren. oppassen. agéieren.

**Den OKAJU setzt sech fir d'Rechter vum Kand an a steet Kanner, Jugendlecher, Elteren a Fachleit zur Säit.** Wann s du Froen hues oder net sécher bass, wat d'Kannerrechter bedeiten – mir si fir dech do. Mir lauschteren dir no, analyséieren d'Situatioun a sichen zesumme mat dir no Léisungen. Mir setzen eis an, fir datt d'Rechter vum Kand iwwerall respektéiert ginn!

## 1 Kontakt

Jidderee, dee mat Kanner ze dinn huet, kann den OKAJU per Telefon, E-Mail, Bréif oder iwwer eis Internetsäit kontaktéieren. Mir kucken all Ufro am Sënn vun de Rechter vum Kand. Ob et eng Fro, eng Doleance oder en Zweiwel ass – mir sichen zesumme Léisungen, déi d'Rechter an d'Wuel vum Kand respektéieren. All Kontakt ass vertraulech a gratis.

## 2 Nolauschteren a Sammele vun Informatiounen

Wann et néideg ass, proposéiere mir e Gespréich, fir besser ze verstoen, wat geschitt ass. Mir lauschteren aktiv no, fir d'Suergen ze begräifen. Mat dem Accord vun der betraffener Persoun schwätze mir, wann et hëlleft, och mat anere Leit, fir d'Situatioun am Respekt vun de Rechter vum Kand ze bewäerten.

## 3 Analys a Bewäertung

D'Informatiounen ginn am Respekt vun de Kannerrechter, de Gesetzer an der Praxis analyséiert. Heiansdo gi mir op d'Plaz, fir besser ze verstoen, wat geschitt, a mat de betraffene Persounen ze schwätzen.

## 4 Léisungen a Recommandatiounen

Mir proposéiere Léisungen, fir d'Situatioun ze verbesseren. Wann néideg, ginn Recommandatioune mat engem Delai formuléiert. Heiansdo gi se anonym ëffentlech gemaach, wa vill Kanner betraff sinn.

## Neutral an onofhängeg. Mir si fir dech do!

** Den OKAJU ass kee Geriicht. Hie kann net an eng lafend juristesch Prozedur agräifen. Seng Roll ass et, Informatiounen, Rotschléi oder Recommandatiounen ze ginn – ëmmer am Sënn vun de Rechter vum Kand.*

Oppassen
Nolauschteren
Agräifen